

**Léif Lieserinnen a Lieser,**

Wat sinn Är absolut Liblingsplazen hei am Wëlle Westen? Mir sinn op der Sich no verstoppte Pärelen, no „Hidden Treasures“ am Kanton Réiden an aus der Gemeng Mäerzeg! Am Kader vum Projet „Hidden Treasures, wéilte mir gären eng Broschüre an/oder eng Kaart erstellen, wou genee déi Plaze virgestallt ginn! Déi kéim net nëmmen den Touristinnen an Touristen ze gutt, mee och de Bierger selwer, déi hei wunnen. Dat kënnen esou wuel kulturell ewéi och Plazen an der Natur sinn, mat deenen Dir eng besonnesch schéin Erënnerung oder ee spezielle Moment verbannt.

# OPRUFF AKTIOUN „HIDDEN TREASURES“

## WAT ASS ÄR LIBLINGSPLAZ AM WËLLE WESTEN?







### ÄR ERËNNERUNGEN AN ANEKDOTE FESTGEHALEN

Déi touchantsten Erfarung bei enger Visitt ass, wann een eppes Perséinleches iwwer Land a Leit gewuer gëtt. Hutt Dir Loscht, Är Liblingsplaz am Wëlle Westen an engem perséinlechen Text ze presentéieren? Da maacht mat a setzt lech mat eis a Verbindung. Selbstverständlech ass et eng Viraussetzung, datt Är Liblingsplaz, déi Dir beschreiwe wëllt och fir jiddwereen ëffentlech a fräi zougänglech ass. D'Publikatioun, déi fir touristesch Zwecker veröffentlecht soll ginn, wäert eis schéi Regioun mol emol vun enger ganz anerer Säit weisen. Vun Ärer!

Mir freeën eis, dëse Projet zesumme mat lech unzegoen a freeën eis op Äre Retour **bis spéidstens Enn Dezember 2023**. Den TouristInfo Wëlle Westen hëlt sech d'Recht, eng Selektioun vun de schéinsten Anekdoten, Geschichten & Plazen erauszewielen.

Bei Froe kënnt Dir eisen TouristInfo Wëlle Weste kontaktéieren!

VISITWËLLEWESTEN

KANTON RÉIDEN

**TOURISTINFO WËLLE WESTEN**
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
T +352 28 33 45 10
info@visitwellewesten.lu
www.visitwellewesten.lu

@visitwellewesten